



## E kômische Vîrtrâg fir eng Perso'n .

Le'f Leidd alleguerten, ech wollt iech mol froen
Ob dir dât Wuert " Sport " gengt verstoen ?....
All Me'mi , all Petter , all Mönsch schwätzt vu Sport..
A jidderên denkt un eng âner Zort .
Ech hu mech fir Sport och ganz vill intresse'ert,
Bis 't leschter, ..du ass mer eng elle passe'ert...
Eng Course hun ech emmer nach gäre gesin ,
Mé, wât ech nach haut an och nimôls verstin,
Dât ass , datt e Mönsch eppes kucke ka gon
Wât ech 't lescht gesin hun .... ech kann iech et son:
Nach haut lâfen d'Schuddren de Reck mir eran ,
An nii...môls kret ê mech me' duer matt eran
Wuer mech der mei Cousin 't lescht mattgeholl hât ;
Ech soen iech jo , .... ech sin nach entsât ...
De' A..ngscht de' ech hât!... ass net ze beschreiwen.
Ech Dabo , .. ech hätt jo dohém kenne bleiwen ;
Mé , du hât ech vu Sportmeeting just epes he'ren,
An du sôt ech , dât ge'w mech ganz stârk intresse'ren
Fir e " Boxmatch " mol richteg vun nô ze gesin ..
Mir gungen nomöttes zesummen dohin
An de " Meeting-Hall " hun se di Plâtz do genannt .
Mei Cousin huet d' Nimm vun de Boxer gudd kannt ..

Et wore keng einfach ; ... mir ass dât egal,
De' Nimm hätt ech dach net bis ôwes verhâl ..
E sôt mer , dien ên dervun wär nach me' schwe'er
We' do...dien .. decken.. Max Schmeeling vu fre'er....
Knaps wore mer do , hei du gung et schon un ...
Si hâten e Sêl emt e Ve'ereck gezun ..
Duerdran sin zwe' Männer gefe'ert du gin ;
Ech hât , meng le'f Leidd , ... nach neischt 'so gesin :
So' deck ... an 'so' brêd .. an eso' schreklech schwe'er...
a Muskelen hâten se .... je ongefe'er .....
We' d' Pärd an der Zeit vun der Clausener Brauerei ...
... ' T ass kên so' e Kaliber heibannen derbei .....
A Mo'len hâten s'un .... we' richteg Bierentatzen ..
An domatt go'f sech geschlo dun an d'Klatzen
a rechts a lenks, t'huet geknuppt a gekracht ...
An d' Leidd ! ... stellt iech fir ,... de' hun nach gelâcht
a gebrellt a gejaut , an an d' Hänn sech geschlô ..
De' zwe'n ower go'fen nach emmer me' schro ..
Geknuppt hun se sech ...ennert de Kenn an an d' Seit ..
An ên dien ânren op de Buedem geheit ....
Ech wetten .. 't si Fonken ewe'g gefuer ..
An hun ech gemengt ,elo geng et bâl duer ..
Da gung d'Klepperei op e Nèis erem un ........
Dann hun se re'scht allenzwe'n Strêch 'rem gezun
A be's sech bekuckt ... we' zwe'n ueriger Ochsen ...
Eng Märderei wor et .... an dât nennt ê " boxen " ...
Rondem se , ass emmer nach ên do gesprong ,
et wor so' e klêsperen , go'rige Jong ;
Ech konnt eng ganz Zeit lâng net richtig verstoen..
Ob hien.. vunenên di zwe' Männer wollt joen ,
oder nach me' unenên se wollt dreiwen ?.....
Ech hât es genug .... a wollt net me' bleiwen ...

Du huet mech mei Cousin gehe'reg vernannt ..
An huet mer gesôt ... ge'f lo intressant ...
Just niewt ons , do hâten der zwe°n sech gesât ..
An'emmer op deitsch so' zesumme geschwât ...
Si hun der e selligen do raisonne'ert ..
An emmer we' well applode'ert ...
Wann dien ên op de Buedem geworf gin ass ....
Wann dien ânren do lug .... gung mei Cousin lass ..
A matt him rondem ons dann nach eng ganz Band ..
dât go'f e Gebrells dann ... et wor allerhand ..
An ech ..... hu gezii.... dert .. op Âa..rem a Bê..n ...
Ech duecht mer , se gengen nach all unenên ....
Op êmôl war alles so' ro'eg rondem ..
Dât wor kê gudd Zêchen ..... well du go'f et schlömm ...
Dien ê vun de Boxer , ... dié gre'ssten dervun
Dié go'f sech op êmol we' well erem drun ...
An huet e puer Kräft'ger dem ânre geprafft ..
" Siehst du , wie der Kleine allmählich erschlafft,"
sôt dien niewenun ons , " Bravo ... eh , Bravooo....
Mensch schau nur , jetzt schlägt er den Johny K. O....
A richteg ..... dien ên huet sech net me' gere'ert ...
Ech wor mei ganzt Liewen nach net so' erfe'ert ...
Gejaut hun ech : " Höllef .... e Moo...rd .. oh,e Moo..rd ..."
Du Dreibîtz sôt ên du : " Dât do ass dach Spo..rrt ....

J. St .

---------------